N°4857
Reçue le 16.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.08.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 16. August 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weider ze leeden.

Déi rezent Iwwerschwemmungen hunn op ville Platzen schlëmm Schied verursaacht. Och vill Betriber goufe schwéier vun der Naturkatastrophe betraff an hunn mat den wirtschaftlechen Auswierkungen ze kämpfen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung matdeelen wéi vill Betriber vum Héichwaasser betraff sinn/waren ?
- Wéi vill Produktiounsanlagen sinn ausgefall ?
- Wéi vill Betriber haten Probleemer mat der Liwwerketten duerch d'Iwwerschwemmungen ?
- Wéi séier ginn d'Aiden un d'Betriber, déi duerch d'Héichwaasser Schued erlidden hunn, ausbezuelt, vir ze verhënneren datt dës Betriber a Liquiditéitsschwieregkeeten geroden ?

Här President, ech bieden Iech main déifste Respekt unzehuelen.

Marc Spautz
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le 21 septembre 2021

Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

**L-2450 LUXEMBOURG**

Réf. : QP4857 – SW/rg

**Objet**: **Question parlementaire n°4857 du 16 août 2021 de Monsieur le Député Marc Spautz**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Pour le Ministre de l'Économie

Luc Decker
Conseiller

Dossier suivi par : Stéphanie Wagemans, tél : 247-88425 ; email : stephanie.wagemans@eco.etat.lu

**Äntwert vum Här Franz Fayot, Wirtschaftsminister, an dem Här Lex Delles, Minister fir Mëttelstand, op déi parlamentaresch Fro n°4857 vum éierbaren Deputéierte Marc Spautz zu den Hëllefe fir Betriber déi vun den Iwwerschwemmunge betraff waren**

Et ass extrem schwiereg eng genee Zuel unzeginn vun de Betriber déi vum Héichwaasser betraff waren, respektiv eng Ausso ze maachen iwwert d'Unzuel vun den ausgefalene Produktiounsanlagen an den erstanene Problemer an der Liwwerketten. D'Unzuel vun den Uriff op der eegens wéinst den Iwwerschwemmungen ageriichten Hotline kann hei awer als Riichtwäert genotzt ginn : d'Generaldirektioun fir Mëttelstand huet op dëser Hotline ongeféier 100 Uriff entgéint geholl.

De Comité de Conjoncture, ënnert der Presidence vum Wirtschaftsminister a vum Aarbechtsminister, huet fir de Mount Juli, an deem d'Iwwerschwemmunge waren, 156 Demande vu Betriber, deenen hir Aktivitéite wéinst den Iwwerschwemmungen ageschränkt waren, ënnert dem régime vum „chômage partiel en cas de force majeure pour inondations" positiv aviséiert. De chômage partiel gëtt ausbezuelt nodeems de betraffene Betrib nom Enn vum Mount säin Decompte vun de Stonnen agereecht huet fir déi hien effektiv op de chômage partiel zeréck gegraff huet. Generell ginn d'Demande direkt traitéiert, sou dass den Delai tëschent dem Areeche vun engem vollstännegen Decompte mat all den néidegen Informatiounen an dem Ausbezuelen an der Moyenne vu 5 Aarbechtsdeeg ass.

Donieft si bis haut 52 Ufroe fir staatlech Hëllefe bei der Generaldirektioun fir Mëttelstand agereecht ginn. Ee kompletten Dossier ass an der Reegel och bannent 2 Wochen ausbezuelt ginn. Allerdéngs war et fir déi betraffe Betriber net evident fir hir Dossieren ze completéieren, well et sech als schwiereg erwisen huet fir kuerzfristeg eng Expertise vum Schued erbäi ze kréien. Fir hinnen awer séier a pragmatesch ze hëllefen, sinn an den Dossieren ouni Expertise dofir Avancen ausbezuelt ginn. Dëst huet et de Betriber erlaabt fir déi néideg Liquiditéiten ze kréien an de néidege finanzielle Spillraum ze hunn bis eng Expertise virläit.